


2. Dezember 2023 / 72

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,




An de leeschte Woche ware mir als JFA vill am Land ënnerwee, sief dëst a Saache Wëssenstester oder a Saachen Diskussiounsronn bei iech a de Regiounen.

Merci fir déi vill flott Diskussiounen am Sënn vun eiser Jugend.
Merci de Servicer DMS, DPV an INFS-JP fir hir interessant Informatiounen.

# Den JFA wënscht Iech alleguerten schéi Feierdeeg an alles Guddes am neie Joer 2024.



**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068




**un alleguerten eis Jugendsektiounen mat hire Moniteuren, alleguerten CIS'en mat hiren Amicallen, dass Dir eis kräfteg ënnerstëtzt huet an eiser Aktioun BIC Kanner hëllefen Kanner.**

**Hei weise mir lech d'Resultat:**

# 2 x 5.300.- Euro

**fir Fondatioun KANNERSCHLASS** https://www.kannerschlass.lu/fr/




Die Stiftung Kannerschlass setzt sich für die Unterstützung von Kindern und Familien in Luxemburg ein durch :

- Schulung und Prävention für Eltern,
- die Frühförderung von Kindern im Alter von 0 bis 8 Jahren,
- ambulante Erziehungshilfe für Familien,
- psychotherapeutische Beratung für Kinder, Jugendliche und ihre Familien,
- die teilstationäre therapeutische Betreuung von Kindern zwischen 6 und 12 Jahren,
- die stationäre therapeutische Betreuung von Kindern, Jugendlichen und jungen Erwachsenen.

Sie können Ihre Spenden auf folgendes Konto der Fondation Kannerschlass überweisen:
**IBAN LU52 1111 0051 5211 0000 CCPLLULL**





**fir Fondatioun SOS KANNERDUERF** https://www.kannerduerf.lu/de




# AUFTRAG, VISION UND WERTE

**Kinder, junge Menschen und Familien stehen im Mittelpunkt unserer Arbeit.**

SOS Kannerduerf Lëtzebuerg (SOS-Kinderdorf Luxemburg) ist seit 1968, ein vom Ministerium für Bildung, Kinder und Jugend anerkannter Akteur im Bereich der Kinder-, Jugend- und Familienhilfe in Luxemburg.

## Unser Auftrag

Unser Auftrag ist es, jedes uns anvertraute Kind und jeden Jugendlichen auf dem Weg in ein selbständiges, verantwortungsvolles und erfülltes Leben zu begleiten. Wir begleiten sie in Strukturen, die wir je nach ihrer Situation und ihren Bedürfnissen gestalten.
Auf der stationären Ebene (Tages- und Nachtbetreuung) bieten wir ihnen die Möglichkeit, in Sicherheit und auf der Grundlage stabiler und verlässlicher Beziehungen zeitweilig oder längerfristig aufzuwachsen und dies in einem wertschätzenden und familienähnlichen Umfeld, sei es in einer SOS-Kinderdorffamilie oder in einer passenden Wohngruppe.
Auf ambulanter Basis bieten wir landesweit verschiedene Beratungs- und Unterstützungsdienste für Kinder und Jugendliche, ihre Familien und Pflegefamilien an.
Wir bilden Fachleute aus, die mit Kindern, Jugendlichen und ihren Familien arbeiten.
In Zusammenarbeit mit anderen Akteuren in der Kinder- , Jugend- und Familienhilfe, setzen wir uns für die Bedürfnisse der jungen Menschen ein und konzipieren und realisieren passende Projekte für ihre Zukunft.

## Unsere Vision

**Jedes Kind braucht Zuneigung, Respekt und Aufmerksamkeit, um sich zu entwickeln und ein glückliches Leben aufbauen zu können.**
Wir vertreten die Vision, dass jedes Kind das Recht hat, in einem schützenden und respektvollen familiären Umfeld aufzuwachsen und sich zu entwickeln. Dieses Umfeld sollte sie dazu ermutigen, sich zu verwirklichen und im Leben etwas zu erreichen. Deshalb stehen wir besonders Kindern und Jugendlichen zur Seite, die kurz- oder langfristige Unterstützung benötigen.

## Unsere Werte

Die Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf basiert auf zentralen Überzeugungen, die die Eckpfeiler unseres Erfolges sind. In dem Bemühen, unserem Auftrag gerecht zu werden, sind es folgende Werte, die unser Handeln, unsere Entscheidungen und Beziehungen bestimmen:

| | | | |
|---|---|---|---|
| Der MUT | Die VERPFLICHTUNG | Das VERTRAUEN | Die VERANTWORTUNG |

Sie können Ihre Spenden auf folgendes Konto der Fondation Kannerschlass überweisen:
**IBAN LU41 1111 0000 6565 0000 CCPLLULL**

SOS KANNERDUERF LËTZEBUERG
Depuis 1968
Sous le Haut Patronage de S.A.R. la Grande-Duchesse



# SITE MOBILE
## JUGENDPOMPJEEËN




**Echternach**
16.01.2024

**Centre National**
**d'Incendie et de Secours (CNIS)**
13.02.2024 & 02.04.2024

**Wiltz**
05.03.2024

**Wann Dir äert Kand wëllt fir d'medezinesch Ënnersichung umellen, kennt Dir Iech an eisem Sekretariat STP mellen**

**Tél.: +352 49771 2411**
**E-mail: dms-sante@cgdis.lu**

Fir e medezinesche Rendez-vous am STP ze plangen, rufft w.e.g. um 49771 2411 un, Méindes-Freides vu 09.00-12.00 an 13.00-15.30 Auer.

Centre National d'Incendie et de Secours
3, boulevard de Kockelscheuer
L-1821 Luxembourg

@cgdislux

# **“Save the Date”**

National Schwammmeschterschaft 24. Mäerz 2024

**INFO’EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)**

*De Link zu der Newsletter: https://gd.lu/1x68CH*

Heimat wëlle mir Iech mat de neisten Informatiounen an engem klengen Iwwerbléck iwwert d’Aktivitéiten vum CGDIS op dem neiste Stand halen.

## **De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet**

Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d’Jugendpompjeeën elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d’Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d’Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D’Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

➔ **Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**

**https://112.public.lu/fr/publications/formations/testsportvolontaires.html**

**Les épreuves pour l'année 2024 :**



- 13 janvier - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS (GSP)
- 25 janvier - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 22 février - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 23 mars - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 25 avril - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 18 mai - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 27 juin - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 20 juillet - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 29 août - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 21 septembre - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 17 octobre - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 30 novembre - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 12 décembre - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS

https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html

- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**

# Wichteg Note Réf.: NDS-DMS_20231106 mam Objet:

**Objet : Annulation et non-respect des rendez-vous au service santé au travail des pompiers (STP)**

Heimadder deele mir Iech déi nei Regelunge mat, déi ab elo vum STP ugewandt ginn am Fall wou e Rendez-vous beim STP net respektéiert oder annuléiert gëtt.

**Annulatioun STP Rendez-vous**

Am Fall wou den STP e Rendez-vous misst annuléieren a wou de Pompier professionel (PP), Pompier volontaire (PV) oder Jeune pompier (JP) net an dem Mount, wou säi Certificat médicale d'aptitude (CMA) ofleeft, ënnersicht ka ginn, verlängert sech d'Gültegkeet vu sengem CMA bis zum Datum vum neie Rendez-vous.
Et gëtt keen "Avis sur Dossier" ausgestallt, nëmme fir den CMA ze verlängeren.

1. **Non-Respect Rendez-vous – mat Excuse**

E PP, PV oder JP kann bis zu zwee mol säi Rendez-vous am viraus am STP annuléieren. Hien kritt an dem Fall de nächst méigleche Rendez-vous matgedeelt. Säin CMA verlängert sech bis zum Datum vum neie Rendez-vous.
Sollt den drëtte Rendez-vous och vum PP/PV/JP ofgesot ginn, dann

- De PP/PV/JP gëtt vun deem Dag un vum Médecin STP als "inapte" fir all operationell Tätegkeeten agestuuft. Dëst bleift bestoen, bis d'Persoun am STP nei ënnersicht ginn ass.
- Den PP/PV/JP muss an dësem Fall selwer e neie Rendez-vous ufroen. Den STP verschéckt kee Rappel fir de Rendez-vous.
- Gëtt dëst vum Sekretariat vum STP bei de Ressources Humaines fir PP a beim Département des pompiers volontaires fir PV an JP gemellt.

2. **Non-Respect Rendez-vous – ouni Excuse (absent)**

E PP, PV oder JP, dee säi Rendez-vous net anhält an sech net ofgemellt huet, gëtt vum Sekretariat STP de selwechten Dag kontaktéiert.

- Kann de Pompjee sech fir dee Rendez-vous entschëllegen, zielt dëst als "Non-Respekt Rendez-vous – mat Excuse" a gëtt wéi am Punkt 1. traitéiert.
- Kann d'Sekretariat STP de Pompjee net erreechen a mellt sech de Pompjee net am Laf vum Dag, gëtt hien de selwechten Dag vum Médecin STP als "inapte" fir all operationell Tätegkeeten agestuuft. Dëst bleift bestoen, bis hien am STP nei ënnersicht ginn ass.
- De PP/PV/JP muss selwer en neie Rendez-vous ufroen. Den STP verschéckt kee Rappel fir de Rendez-vous.

Héi fannt dir och nach de Link vum FAQ STP:

https://112.public.lu/fr/publications/legislation/faqstp.html

**Aus der Jugendaarbecht:**

Flott Chrëschtbeemercher um CNIS:







**Jugendpompjeeën CIS-Lintgen**
Schaumübung
E Samsden stoung fir eis Jugend eng bessen mei speziell Übung um Programm. Een Thema waat bei eis net esou vill praktesch gemaach get, ass den Schaum. Fir des Übung haaten mir och nach bessi Hëllef vun deenen Groussen kritt. D'Jugend haat vill Spass an zum Ofschloss waren mir nach an den Restaurant eppes klenges Iessen.
Merci jidderengem deen dabei war





**CIS Mäerzeg**
Jugendpompjeeën-News
Mir haaten rem Übung. Um Programm stung Trockenski, Fahrzeugkunde, Sport an 1. Hëllef. Beim Trockenski gouf et vill ze laachen.
Déi Jugendlech hunn sech gudd amuséiert.



**CGDIS - Corps grand-ducal d'incendie et de secours**
[Journée mondiale de l'enfance 2023] > 20.11.2023
Haut um Weltkannerdag riichte mir d'Opmierksamkeet op eis jéngste Memberen, déi sech schonn am Alter tëschent 6 a 16 Joer fir d'Wuel an d'Sécherheet vun der Bevëlkerung interesséieren an asëtzen.
D'Jugendpompjeeë bidden e wichtege Kader fir de Kanner elementar Fäegkeete wéi Teamaarbecht, Responsabilitéit an Hëllefsbereetschaft op spilleresch Aart a Weis bäizebréngen. Mir freeën eis iwwert d'Engagement vun eise jonke Memberen a sinn houfreg dass mëttlerweil schonn iwwer 1200 Kanner a Jugendlecher e wichtegen Deel vum CGDIS sinn.
All Informatiounen zum Rekrutement vun de Jugendpompjeeë ginn et hei: https://gd.lu/6qWnWN



## Jugendpompjeeën vum CIS Remich




Haut hu mir mam Funk ugefaang, well mir vill nei Jugendpompjeeën hunn, déi na net mam Funk geschafft hunn.
Duerno hu mir eis nach un d'Setze vum Standrouer gema. Heifir hu mir extra en eegenen „Unterflurhydrant“ bei eiser Übungsplaz, soudass mir eis net extra op d'Sich maache mussen an dat ganzt och net an der Strooss maache mussen, wou een dësen meeschtens fënnt, well do d'Waasserleitung leeft.





## Amicale vun de Koler Pompjeeën

Haut den Owend haten 19 vun eise Jugendpompjeeën e bëssen eng aner Übung: sie hun zesummen mat hiere Jugendleeder Viz gemaach. Nodeems d'Sëcherheetsmossnahmen erklärt waren, gouf gewäsch, geschnidden, gerappt a gepresst. D'Eltere vun de Kanner waren um Enn vun der Aktivitéit och op e Patt Äppeljus invitéiert an all d'Kanner haten eng eidel Fläsch derbäi fir hier Produktioun mat heem ze huelen.





## CIS Lac

De 14. November hate mir eng Visitt vun de Schoulkanner vum Cycle 1 aus der Regionalschoul Harel. D'Kanner kruten en Abléck an d'Pompjeeswelt, Informatiounen zu den Asaatzgefierer an zu der Ausrëschtung vum Pompjee selwer. Zu gudder Lescht duerfte se och nach selwer eng Hand mat upaken



## CGDIS - Corps grand-ducal d'incendie et de secours

[Signature d’un accord de partenariat entre le CGDIS et Mérite Jeunesse Luxembourg] 15.11.2023
Haut hunn de CGDIS a Mérite Jeunesse Luxembourg a Presenz vun S.A.R le Prince Guillaume, President vu Mérite Jeunesse Luxembourg an der Madamm Lydie Polfer, Presidentin vum Verwaltungsrot vum CGDIS, en Accord de partenariat ënnerschriwwen.
Dës Zesummenaarbecht soll d’Educatioun an déi perséinlech Entwécklung vu jonke Mënsche fërderen a bitt de 14-25 järegen Participanten um Programm Mérite Jeunesse ab elo och d’Méiglechkeet sech fir d’Kategorië Benevolat, Sport an Talent a Kompetenz beim CGDIS ze engagéieren. Dës Partnerschaft ass e wichtege Schrëtt an dem gemeinsamen Effort tëscht dem CGDIS a Mérite Jeunesse fir jonke Mënsche Bildungsméiglechkeeten a Méiglechkeeten zu perséinlecher Entwécklung ze bidden an domat hiert Engagement an der Gesellschaft ze stäerken.
Méi Informatiounen: https://gd.lu/4cKLVn



## CTIF Fire & Rescue News

Mehr als 60 Richter aus 17 Ländern kamen nach Linz, Österreich, zum Training zur Vorbereitung auf die CTIF Youth Games in Italien 2024!

Am 10. und 11. November fand an der Feuerwehrschule in Linz, Österreich, ein Seminar und die Ausbildung von Richtern statt, die beim kommenden 24. internationalen Feuerwehrjugendwettbewerb des CTIF nächstes Jahr in Borgo Valsugana, Italien, richten werden.
Insgesamt über 60 Richter aus 17 Ländern in zwei Tagen unterzogen sich an zwei Tagen den theoretischen und praktischen Teil der Ausbildung gemäß den neuen Vorschriften für die Jugendfeuerwehrbewerbe des CTIF.






Richter kamen aus:
Österreich, Kroatien, Slowenien, Slowakei, Ungarn, Serbien, Frankreich, Luxemburg, Bulgarien, Deutschland, Portugal, Italien, Schweden, Polen, die Schweiz, Finnland und die Tschechische Republik.

INTERNATIONAL ☺



Section/Association des Jeunes Sapeurs-Pompiers de Thionville-Yutz

Depuis 2018, la section des Jeunes Sapeurs-Pompiers de Yutz réalise des échanges transfrontaliers avec la section des JSP du CISRO - Centre d'Incendie et de Secours Roeserbann. À la suite de la pandémie du COVID-19, nos échanges avaient dû être réduits.

🇫🇷🇱🇺Ce samedi 25 novembre 2023, la Sainte-Barbe de Yutz s'est déroulée. Durant cette manifestation, plusieurs événements ont eu lieu :

- La remise aux JSP du nouvel écusson de la section ;
- La mise à l'honneur

Capitaine Claude DAMY, chef de centre du CIS Roeser, médaille du mérite départemental, échelon bronze ;
Sergent Jessica DAMY, responsable de la section des JSP du CIS Roeser : Médaille du mérite départemental, échelon bronze ;

- L'officialisation du rapprochement entre la section des JSP de Roeser et la nôtre à travers la signature d'un serment de jumelage.

🖋Ce serment a été signé par
- Monsieur le Directeur Départemental du Service d'Incendie et de Secours de la Moselle (Sapeurs-Pompiers de la Moselle), Contrôleur Général François VALLIER ;
- Monsieur le Directeur Général du CGDIS - Corps grand-ducal d'incendie et de secours, Directeur Général Paul SCHROEDER,
- Madame la Responsable de la section des JSP de Roeser, Sergent Jessica DAMY ;
- Monsieur le Responsable de la section des JSP de Yutz-Thionville, Lieutenant Renan FRANÇOIS. 🇱🇺🇫🇷

Cette signature était en présence de :
- Monsieur Patrick Weiten - Président du département de la Moselle, Président du Conseil d'Administration du SDIS ;
- Madame Clémence Pouget - Maire de Yutz ;
- Madame Isabelle Rauch - Députée de la 9ème circonscription de la Moselle ;
- Monsieur Tom Jungen- Bourgmestre de Roeser ;
- M. le Colonel Armand JUNG - Président de l'Union Départementale des Sapeurs-Pompiers de la Moselle (Udsp de Moselle) ;
- M. le Commandant Philippe GLORIAN - Commandant de la CRS AUTOROUTIERE ALSACE-LORRAINE.

Photos : AJSPTHY et Mairie de Yutz.



# Op de leschten Stëmpel:



All eisen Jugendpompjeeën e flotten 6ten Dezember gewënscht ☺

*Vill Spaass beim Sangen:*

Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,

bréng eis Saachen, allerhand,
Fir ze kucken, fir ze schmaachen,
aus dem schéinen Himmelsland.
Bei der Dier do stinn ons Telleren
beieneen an enger Rei
'T läit och Hee do fir däin Iesel
Dofir bréng ons Spillgezei.

Ei, ei, ei, lo ass de Kleeschen hei

Kanner loosst mer lëschteg sënn,
well de Kleesche kënnt geschwënn.
Kleesche, Kleesche léiwen Zinniklos,
deen s du d'Kanner gären hues,
héier äis hell'gen Niklos

**All de Moniteuren, Adjoint a Helfer**

**Merci**

**gesot fir déi gutt Aarbecht am Joer 2023.**

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da gitt eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068